# Presse Communiqué

Den Nationalkommitee vu FOKUS huet sech den Owend a senger Sëtzung mat der Lëscht fir d'Europawale beschäftegt. De Frank Engel ass vun dësem Gremium beoptraagt, fir Kandidate fir dës Wal ze proposéieren.

No grëndleche Gespréicher iwwert de politeschen a perséinleche Bilan vu fënnef Joer Aarbecht am Europaparlament huet den Nationalkommitee decidéiert, datt d'Monica Semedo op der Lëscht vu FOKUS fir d'Europawalen 2024 kandidéiert. Si huet dës Kandidatur acceptéiert an ass den Owend der Partei FOKUS bäigetrueden.

D'Monica Semedo huet a fënnef Joer e staarke parlamentaresche Bilan opweises. Hir Aktivitéit war virun allem op de soziale Beräich axéiert, wou hiren Asaz fir europäesch Mindestléin a bezuelte Stagen erfollegräich war. D' Monica Semedo ass Member vun der liberaler Fraktioun Renew Europe am Europaparlament  a vertrëtt déi sozial liberal Linn, déi, souwuel op nationalem, wéi op europäeschem Plang och de Programm vun FOKUS ausmécht. Zesumme wëlle mir an deenen nächste Joren dësen Engagement  am Europaparlament an an der Lëtzebuerger Politik weider schreiwen. Dat mat enger staarker FOKUS-Europalëscht an engem couragéise Programm, deen d´Ambitioun huet, Weeër aus den institutionellen, sozialen a strategesche Krisen an Europa ze zeechnen.

Déi komplett FOKUS-Lëscht fir d'Europawale gëtt am Verlaf vun den nächsten zwou Woche presentéiert. Iwwer d'Spëtzekandidaturen decidéiert de Kongress vun FOKUS den 23. Mäerz, wou och den Europawalprogramm presentéiert gëtt.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2024

Fokus  l  25, rue du Nord  l  L-4260 Esch-sur-Alzette